**Ried AGO 2024 vum Comitésmember Giuseppe PASSARO fir eng Verschäerfung vun de Gesetzer géint de Refus d'obtempérer**

Madamm Presidentin,
Léif Deputéiert,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,
Léif Biergerinnen a Bierger,

Ech stinn haut hei virun Iech als Polizist an als Gewerkschaftler, deen sech fir de Schutz vun eise Matbierger an d'Sécherheet vun eisem Land asetzt. Zu Lëtzebuerg si mir gewinnt, op Uerdnung, Gesetzrespekt a géigesäitegt Vertrauen tëscht de Bierger an de Sécherheetskräfte stolz ze sinn. Leider gëtt et e wuessende Problem, deen dës Wäerter a Fro stellt: de Refus d'Obtempérer

Kierzlech hu mir d'traureg an tragesch Néiegkeet vun enger Kollegin, enger Polizistin a Mamm kritt, déi bei engem Refus d'obtempérer ëm d'Liewe komm ass. Dëst huet den Syndikat National vun der Police Grand-Ducale (SNPGL) déif getraff a mir sinn a Gedanken bei der betraffener Famill an den Arbechtskollegen. Dësen dramateschen Tëschefall weist op déi alarméierend Lücken an de präventiven a repressiven Mesuren hin, déi eiser Meenung no an dem Domaine existéieren.

D'Refus d'obtempérer sinn net nëmmen eppes, dat heiansdo geschitt. Si ginn ëmmer méi heefeg an hunn zu schwéiere Blessuren an Doudesfäll gefouert. An Frankraich geschitt statistesch gekuckt all zwanteg Minuten een mee och zu Lëtzebuerg sinn se net selten, a weisen d'Onfäegkeet vun eisen aktuelle Gesetzer, dëst geféierlecht Verhalen adequat ze beäntweren. Statistiken sinn bei der Direktioun gefroot ginn, natierlech kruten mer naicht op wat mer opbauen kënnen, well dësen Phénomène net richteg statistesch erfasst gett.

Den tragesche Fall vum 13. Abrëll 2018 ass nach an eisem Gediechtnes. En alkoholiséierte Chauffeur huet eng Verfollegung ausgeléist, déi zum Doud vu zwee Polizisten an zu schwéiere Blessuren vun dräi aneren gefouert huet. Dëse Fall weist op déi déidlech Konsequenze vum Refus d'obtempérer hin, besonnesch wann aner schlëmm Verstéiss wéi d'Alkoholiséierung derbäi kommen.

Wéi huet d'Politik zu Lëtzebuerg op dëse Fléau reagéiert? Et gouf keng bedeitend Handlung geholl, keng seriö Remise en question. D'Frustratioun ënnert eise Kolleegen, déi all Dag hiert Liewe riskéieren, wiisst.

Mir erënneren och un de Fall vum 11. Abrëll 2018 zu Bouneweg, wou e Polizist, dee spéider an Appel fräigesprach gouf, gezwonge war seng Waff anzesetzen, well en Automobilist no engem Refus d'obtempérer op hien duergerannt ass. Dësen Tëschefall huet d'Fro opgeworf, wéi mir eis Beamte juristesch schütze kënnen, wann se a geféierleche Situatioune geroden.
Den trageschen Accident vum 5. Juni 2015 zu Dippech, wou eng jonk Polizistin hiert Liewe verluer huet, well en Automobilist net gestoppt huet, ass nach net vergiess an och eng Erënnerung un déi reell Geforen. Dës Polizistin, eng Mamm, ass net nëmme fir d'Police verluer gaangen, mee huet eng Famill an Trauer hannerlooss.

Dës Tëschefäll, déi iwwer d'Jore geschitt sinn, weisen eng kloer Konstanz: D'Refus d'obtempéer hu fatale Konsequenzen, an eisen aktuelle gesetzleche Kader ass net adequat genuch, fir dës Gefore richteg ze bekämpfen. Haut ginn dës Akten wéi kleng Verstéiss géint de Code de la route behandelt, wat secher net ubruecht ass. Si mussen als sérieux Strofdoten ugesi ginn, esou wéi an anere Länner. Eng Reeclasséierung als Delikt, mat méi haarde Strofen, dorënner Prisongsstrofen a méi héich Geldstrofen, ass essentiell.

Mir fuerderen eng Verschäerfung vun de Gesetzer, fir datt all Refus d'obtempéer mat de Geforen entspriechenden Strofen ugepaakt gëtt. Et muss méi streng Prisongsstrofe ginn, méi héich Geldstrofen, an d'automatesch Entzéiung vum Fuererschäin.

De Refus d'obtempérer ass net nëmmen en Akt vu Mëssuechtung vun der Autoritéit, mee e realen an ëmmer méi grousse Risiko fir d'ëffentlech Sécherheet. Jidder Refus setzt d'Liewe vun eise Kolleegen a vun anere Bierger a Gefor. Oft féieren dës Akten zu schlëmmen Accidenter, schwéiere Verletzungen, an am schlëmmste Fall zu Doudesfäll.

Trotz dësem Risiko sinn d'aktuell Strofen net héich genuch fir de geféierleche Charakter vun dësen Handlungen ofzeschrecken. D'Strofen, déi ausgeschwat ginn, sinn eiser Meenung no vill ze liicht. Wéi solle mir eist Land a seng Bierger schützen, wann d'Gesetzer net eng staark, konsequent Äntwert ginn?

D'Polizisten riskéieren all Dag hiert Liewen, fir d'Bierger ze schützen. Den legislativesche Kader muss dëser Missioun gerecht ginn. Et ass onvirstellbar, datt déi, déi d'Autoritéit mëssuechten an d'Sécherheet vun anere Leit a Gefor bréngen, mat liichten oder suguer ouni Strofen dovu kommen.

Ech bieden Iech, Dir Damen an Häre aus der Politik, séier an decidéiert ze handelen. Et ass héich Zäit, datt mir eise Polizisten déi néideg rechtlech Mëttelen zur Verfügung stellen, fir hir Missioun a Sécherheet ausféieren ze kënnen. Et ass Zäit, eis Gesellschaft géint déi ze schützen, déi decidéieren, d'Gesetzer ze violéieren.

Mat enger Verschäerfung vun de Sanktiounen géint de Refus d'obtempérer schécke mir e kloert Signal: zu Lëtzebuerg muss d'Gesetz respektéiert ginn, an déi, déi d'Gesetz verletzen, mussen d'Konsequenze droen. Dëst ass net nëmme wichteg fir d'Sécherheet vun der Allgemengheet, mee och fir Gerechtegkeet géigeniwwer deene, déi d'Gesetzer respektéieren, an deenen, déi hiert Liewen riskéieren, fir d'Gemeinschaft ze schützen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ziele fest op Iech, fir am Interesse vun eis all ze handelen.